



**28. Editioun vum
open air KONSTfestival
15. Juni bis 1. Juli 2018 zu Lellgen**

COMMUNIQUÉ_1_LU
Mee 2018

Konstfestival Lellgen – Konst mat alle Sënner erliewen

D'Open Air Konstfestival asbl hutt déi grouss Freed op déi 28. Editioun vun hirem Festival anzulueden.

Den Open Air Konstfestival zu Lellgen ass anzwëschen iwver d'Grenze vun eisem Land eraus bekannt an ee Begrëff an der Kënstlerszene a bei alle Konstintresséierten. Am Mëttelpunkt vun dësem eenzigartige Festival steet de Nationalfeierdag, den 23. Juni, wou sech Lellgen eemol am Joer an eng grouss Konstgalerie ënnert fräiem Himmel verwandelt an dausende Besicher unzitt.

De Publikum an der Roll vum Jury

Ronn 100 Kënstler huelen um Live-Concours deel a bidden de Leit d'Méiglechkeet hinne bei der Aarbecht iwver d'Schëller ze kucken. D'Jury an dësem Concours, de mat interessante Präisgelder, der Trophée «Kiischpelter Lohrblumm», souwéi dem «Prix de la commune», dotéiert ass, ass de Visiteur selwer, deen iwver de Wee vum Tiercé seng Favoritte bestëmme kann.

Street-Art

Akrobaten, Stroosentheater, Stelzegänger a Komiker, als Walkacts oder op fixe Bühnen beliewen d'Stroossen a begleeden d'Visiteuren op hirem Wee duerch d'Duerf. D'Companie This Maag, Black Blues Brothers, Klirr de Luxe, Orkest Bazar, Join the parade, Fabuloka De Zwerver, Bombastics an eng ganz Rei anner Spektakele suerge fir eng ofwiesslungsräich Animatioun an de Lellger Stroossen.

Live-Musikgruppen, wéi, Happy Kets, MayB2 oder Ukuata-K ënnermolen déi kënsterlech Aktivitéite mat Musek vun der besonnescher Zort. Vun Jazz, iwver Folklore, bis hin zu verréckt verkleete Bands a Blokapellen ass zu Lellgen alles dobäi.

Breet gefächert Ausstellungen

Op de verschiddenste Plazen am Duerf sënn Ausstellungen ze besichen. Et kann een ënner anerem d'Wierker vum Bernadette Snyers, Astrid Breuer, Alexandre Forceille, Anita Faber, Aïcha Smail, Maggy Gauthier-Streff, dem ARC an de Betzder Atelieren gesinn. Déi renomméiert Kënstler Margot Reding-Schroeder an de Raymond Petit déi sech am Kiischpelt installéiert hunn, maachen hir Atelieren fir de Visiteur op. Donieft gëtt et dëst Joer eng grouss open air Expo mat Fotoen aus de Naturparken Our an Uewersauer zum Thema „Waasser“.

D'Ausstellungen am Duerf sënn ausser dem 23. Juni och nach Sonndes de 17. an de 24. Juni vu 14.00 bis 17.00 souwéi den 1. Juli vu 14.00 bis 16.00 Auer, an op Ufro fir de Public op.

Art Academy

A professionnell begleete Konstateliere kënnen Kanner a Jonker vun 6 bis 18 Joer an engem spaasserfëllten Ëmfeld engt Wierk erstellen an um Art Academy Concours vum Konstfestival deelhuefen. Encadréiert ginn dës Ateliere mat den Themen Molerei, Skulpturen a Graffiti vun den Artisten Isabelle Pirson, Florence Hoffmann an Daniel Mac Lloyd. Méi Informatiounen an online Umeldung via eis Websäit.

Nieft de professionnell begleete Konsteliere gëtt nach d'Kids Academy speziell fir déi méi kleng Kanner ugebueden. Heibäi handelt et sech ëm encadréiert kreativ Aktivitéiten ouni Umeldung. Déi kleng Kënstler sënne ëmmer mat Begeesterung um Wierk a sou munch Erwuessene staunt iwwer d'Kreativitéit vu sengem Nowuess.

„De Konstfestival zu Lellgen, ee Konsterliefnis fir déi ganz Famill!“

www.konstfestival.lu

Fotoen an optimaler Qualitéit fannt Dir op eisem Website an der Rubrik « Presse ».

